ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. August 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Immigratiounsminister Asselborn, den Här Justizminister, un d'Madamm Banneminister an un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Zënter dem Joer 2015 ass eng grouss Zuel vu Migranten an Europa komm, dovun och vill op Lëtzebuerg. An dem Zesummenhank wéilt ech de concernéierte Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng Dispositioune bestëmmen hei am Land, ob eng Persoun sech legal oder illegal um Lëtzebuerger Territoire ophält? Wéi eng Moossname si virgesinn, fir de Fall, wou eng Persoun sech illegal zu Lëtzebuerg ophält?
2. Déi Leit, déi hei am Land kee Statut als BPI oder dee vun engem „subsidiaresche Schutz" kruten, misste jo d'Land verloossen. Wa si awer trotzdeem heibleiwen, ass hir Präsenz, rechtlech gesinn, „illegal"? Weess d'Regierung, wéivill Leit ongeféier, déi eigentlech net méi däerften am Land sinn, sech nach op eisem Territoire ophalen?
3. A wéi eng Länner missten déi Leit zréckgeféiert ginn?
4. Kréien déi Leit nach iergend eng Form vun direkter oder indirekter Ënnerstëtzung duerch de Staat?
5. Mat wéi enge Mëttelen an a wéi engen Delaie wëll d'Regierung dës Leit aus dem Land bréngen?
6. Wa Kanner vu Leit, déi illegal am Land sinn, an d'Schoul ginn, sinn d'Schoulen oder déi respektiv kommunal oder staatlech Schoulautoritéiten ugehalen, fir feststellen ze loossen, wou déi Familljen sech ophalen?
7. Gëllen och hei déi rechtlech Dispositioune fir d'Membere vum ëffentlechen Déngscht, déi et no dem Stroofgesetzbuch zu enger rechtlecher Obligatioun maachen, fir festgestallten Illegalitéiten ze denoncéieren? Mat wéi enge Konsequenzen mussen d'Leit vum Léierpersonal oder Verantwortlecher an de Gemengen (Buergermeeschter a Schäffen, verschidde Kategorie vu Gemengebeamten oder Gemengenaarbechter) rechnen, wa si wëssen, datt Persounen sech illegal an der Gemeng ophalen, dat awer net denoncéieren?

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742

8. Gëtt et Leit, déi hei am Land, mat Wëssen a mam Accord vun der Regierung, „toleréiert“ ginn, obwuel si eigentlech keng rechtlech Grondlag hu fir sech hei opzehalen? Wa jo, wéi eng Leit sinn dat, firwat a fir wéi laang gi si „toleréiert“ a wéini musse si d'Land verloossen? Wéi eng rechtlech Grondlag gëtt et fir esou eng „Toleranz“?
9. Wëll d'Regierung der Chamber eng gesetzlech Reegelung virschloen, déi et ënner Strof géing stellen, enger Persoun, déi illegal am Land ass, ze hëllefen, sech den Autoritéiten ze entzéien?
10. Wéi eng Méiglechkeeten a wéi eng Obligatioun hunn déi kommunal Autoritéiten, fir den Openthalt vu Persounen an enger Situatioun vun illegaler Präsenz um nationalen Territoire an hirer Gemeng festzestellen, respektiv bei der Police oder beim Parquet ze denoncéieren, wa si esou eng Situatioun festgestallt hunn? Hu si eng Méiglechkeet fir zu all Ableck festzestellen, ob eng bestëmmte Persoun eng legal Präsenz um Territoire huet, zum Beispill iwwer de Réckgréff op eng staatlech Datebank?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten